



**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes op d'parlamentaresch Fro n°7678 vum  
28. Februar 2023 vum éierewäerten Deputéierte Fred Keup iwwert "Tarifs de rachat du biogaz"**

**Wéi reagéiert den Här Minister op déi am Artikel thematiséiert Onzoulänglechkeete vun der aktueller Aspeisevergütung? Kéint den Här Minister sech virstellen, dës ze flexibiliséieren andeems se entweder regelméisseg un d'Entwécklung vun de Betribskäschten an/oder der Steigerung vu Maartpräisser unzepassen?**

Laut dem "Règlement grand-ducal modifié du 15 décembre 2011 relatif à la production, la rémunération et la commercialisation de biogaz" gi Biomethananlagen, déi am Anlagenregister agedroe sinn, mat engem Aspeisetarif iwwer 15 Joer ënnerstëtzt. Dësen Tarif ass eng geneemegt Staatsbäihëllef vun der europäescher Kommissioun. Upassungen am lafende Betrib sinn nët ouni Weideres méiglech.

Generell si bei der Berechnung vun dësen Tariffer eng Inflatéierung vun den operative Käschte vun 2% pro Joer berécksiichtegt ginn. Eng zousätzlech Indexéierung vun den Aspeisetariffer ass momentan net virgesinn.

Wéinst der Präisdeierecht, a fir déi aktuell Hausse vun de Stroum- a Biomasskäschten ofzefiedereen, gesäit d' "Loi modifiée du 15 juillet 2022 visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine" ab dem 1. Januar 2023 speziell Bäihëllef fir déi betreffen Anlage vir. Dës Aiden si konform mam europäesche Recht an si speziell un dës Krisenzäit ugepasst. Doriwwer eraus gëtt aktuell mam Wirtschaftsministère gekuckt fir dësen Anlagen och réckwierkend fir d'Joer 2022 ze hëllefen.

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2023  
(s.) Claude Turmes  
Minister fir Energie